Déi gréng fannen et eigentlech eng gutt Idee fir d'Bevëlkerung ze sensibiliséiere fir op Stroum aus erneierbaren Energien ëmzeklammen an och an där Hisiicht ze ënnerstëtzen.

Mä fir dat sënnvoll ze maache misst een e ganzt Konzept ausschaffen.

An dëser Motioun gëtt einfach proposéiert eng Prime vun 50€ ze bezuelen, fir dat éischt Joer, wou ee Stot op Stroum aus erneierbaren Energien zeréckgräift

- egal wéivill Leit am Stot sinn
- egal ob de Kontrakt spéider nees annuléiert gëtt a.s.w.…..

Dat erënnert mech un de Géiskaneprinzip, mat der Strenz iwwert d'Bevëlkerung fueren, fir dass jidderee sech e bësse freet, amplaz gezielt dann ze netze wou et Sënn mécht.

Den Naturstroum ass an de leschte Joere schonns ronn 80% méi bëlleg ginn a misst elo accessibel fir de gros vun de Leit sinn. Ech hunn extra meng Stroum-Ofrechnungen nogekuckt. (Beim +/- selwechte Stroumverbrauch hunn ech doheem virun 6 Joer fir de Nova Naturstroum e Supplément vu bal 200€/Joer bezuelt, an d'lescht Joer just nach 40€.)

Wéi gesot, déi gréng sinn net géint eng finanziell Ënnerstëtzung, mä awer am Kader vun engem ganze Konzept: evtl. mat berücksichtegen, ob och spuersam mat Stroum an allgemeng mat Energien ëmgaange gëtt. Grad esou missten Isolatiounen, Solaranlagen a Reewaassernotzung valoriséiert ginn. Mat eisem Drénkwaasser misst jiddereen ebenfalls rücksichtsvoll ëmgoen, an en nidderege pro Kapp Waasserverbrauch kinnt och finanziell belount ginn.

Dës Motioun awer, déi net op e Konzept baséiert, wat Kapp a Fouss huet, wäert ech net ënnerstëtzen.